# MERCI UN ALL DÉI WIELER DÉI EIS WEIDER HIERT VERTRAUE SCHENKEN!

**Logementskris - Parkplazen**

***Crise du logement - place de stationnement***



Josée-Anne
**SIEBENALER-THILL**
**Conseillère communale**

**No 24 Joer an der Majoritéit**, wou déi gréng mat responsabel um Opbau vun der Gemeng Käerjeng waren, si mir fir déi nächst Legislaturperiod mat just nach engem Vertrieder am Gemengerot op der **Oppositiounsbänk** gelant. Vun do aus wäerte mir weider op eng **konstruktiv** Manéier eis gréng Iddiën abréngen an awer och kritesch op **Mëssstänn hiweisen**.

Esou ass just duerch eis Interventioun de **Kutschen-/Buggis-Verbuet** am Käerjenger Treff an am Kéinziger Festsall **gestrach** ginn. Och jonk Eltere sollen do wëllkomm sinn!

Wann d'Kanner aus dem Haus ginn, gëtt oft vill Wunnraum fräi, deen ee kéint zur Verfügung stellen (**miwweléiert Zëmmer, Einliegerwohnung**,...). An Zäite vu **Logementsmangel** missten esou Iwwerleeungen ënnerstëtzt ginn, a net ausgebremst... Dowéinst hunn déi gréng **géint déi nei Virschrëft** gestëmmt, déi an sou Fäll direkt **zousätzlech zoue Garage** fuerdert. Eis Propose, dass zousätzlech Stellplazen um Privatterrain och missten duergoen, gouf verworf.

Déi gréng hunn och **géint de Budget gestëmmt**, well mir virun allem net kënnen averstan sinn, dass eng ganz Rëtsch **Sensibiliséirungsprojeten am Klima-, Ëmwelt- a Naturschutz gestrach** gi sinn, ouni dass konkret Alternative virleien.

Och wann déi gréng net méi an der Verantwortung sinn, bleift d'Klima- an d'Biodiversitéits-Crise awer bestoen an domadder och d'Erausfuerderung eis mat alle Kräften **zesumme fir eng liewenswert Zukunft anzesetzen**.

## *MERCI AUX ÉLECTEURS QUI CONTINUENT À NOUS SOUTENIR!*

*Après 24 années passées dans la majorité, au cours desquelles nous avons été coresponsables du développement de la commune, nous nous sommes retrouvés sur le **banc de l'opposition** avec un seul représentant au sein du conseil communal. De là, nous continuerons à faire valoir nos idées vertes de manière **constructive**, mais aussi à **soulever les problèmes** de manière critique.*

*Ainsi, c'est justement grâce à notre intervention que **l'interdiction des poussettes/buggys** au Käerjenger Treff et au Kéinziger Festsall a été **supprimée** du règlement. Les jeunes parents doivent aussi être les bienvenus.*

*Lorsque les enfants quittent la maison, de l'espace habitable devient souvent disponible et pourrait être mis à disposition (**chambres meublées, logements intégrés**...). En période de **pénurie de logements**, de telles réflexions devraient être soutenues et non pas freinées... C'est pourquoi déi gréng ont voté contre **la nouvelle disposition** qui exige, dans de tels cas, des **garages fermés** supplémentaires... Notre proposition d'accepter des places de stationnement supplémentaires sur le terrain privé a été rejetée.*

*Les gréng ont aussi **voté contre le budget** parce que nous ne pouvons surtout pas être d'accord avec le fait qu'un grand nombre de **projets de sensibilisation dans le domaine de la protection du climat, de l'environnement et de la nature ont été supprimés** sans qu'aucune alternative concrète n'ait été proposée.*

*Même si les verts ne font plus partie de la majorité, la crise du climat et de la biodiversité reste d'actualité, et avec elle le défi de **nous engager tous de toutes nos forces pour un avenir digne d'être vécu**.*

**KONTAKTÉIERT EIS, WANN DIR FROEN HUTT, ODER BEI EIS AN DER SEKTIOUN WËLLT MATSCHAFFEN.**

**CONTACTEZ-NOUS SI VOUS AVEZ DES QUESTIONS OU SI VOUS VOULEZ VOUS ENGAGER DANS NOTRE SECTION LOCALE.**

déi gréng Käerjeng
kaerjeng@greng.lu
deigrengkaerjeng
**KAERJENG.GRENG.LU**

déi gréng Käerjeng

JANUAR / JANVIER 2024

# DÉI GRÉNG KÄERJENG

**BASCHARAGE, HAUTCHARAGE, LINGER, CLEMENCY, FINGIG**

déi gréng Käerjeng




# ALLES GUDDES FIR 2024

## MEILLEURS VOEUX POUR 2024

*Déi Gréng Käerjeng wënschen lech fir 2024 nëmmen dat Allerbescht*
*Déi Gréng Käerjeng vous présentent leurs meilleurs voeux pour 2024*

# VILL OPREEGUNG BEI DER BESETZUNG VUN DE BERODENDE GEMENGEKOMMISSIOUNEN

An der vum Gesetz hier **obligatorescher Auslännerkommissioun** ass vergiess ginn net-lëtzebuerger Bierger ze nennen, obwuel dass Kandidature virlouchen. Och dee vum Gesetz virgeschriwwene Schäfferotsmember feelt... Hoffe mir, dass elo ab 2024 mat der neier Commission du vivre ensemble interculturel all **dës Mësselen, wéi versprach**, aus der Welt geschafe ginn.

Bis elo war et zu Käerjeng ëmmer Brauch gewiescht, dass all Partei aus dem Gemengerot och an all Gemengekommissioun vertruede war, oft méi ewéi proportional zum Walresultat.

Déi nei CSV-LSAP Majoritéit huet mat fadenscheinegen Argumenter **mat dësem partizipative Prozess gebrach** an ass net mol bereet all Partei 1 Member an all berodender Kommissioun zouzegestoen.

**Fakt ass, dass déi gréng just nach a 6 vu 9 Kommissiounen e Member dierfen nennen:**



Carlo
**CALAMIDA**
**Finances et Budget**



Nathalie
**DONDELINGER**
**Environnement**



Roger
**LEPAGE**
**Circulation "Mobilité"**

Schlussendlech gouf sech gëeenegt, dass an deenen 3 anere Kommissiounen dee jeeweileg gewielten Conseiller als **Beobachter** duerf bäiwunnen. Fir eis Gemengeréitin sinn dat d'**Kultur-, d'Bauten- an d'Sportskommissioun**.

**Déi ganz Stellungnam zum Budget**

***L'intégralité de la prise de position sur le budget***

# DÉI GRÉNG KÄERJENG ZUM BUDGET 2024

- **begréissen**, dass munch Projeten, déi déi gréng op d'Schinn gesat hu, virugefouert ginn: Klimapakt-Subsiden, Müllkonzept, Pedibus, Gemeinschaftsgaart, ...
- **sinn houfreg drop**, dass duerch déi vill Aarbecht, déi an de leschte Joren am Klimapakt an am Naturpakt gemaach gouf, d'Gemeng elo fir d'Joren 2023 an 2024 zesumme **ronn 700'000€** vum Staat kritt fir an där Richtung weiderzeschaffen (anscheinend sollen zu Käerjeng nei Weeër ageschloe ginn, mä bis elo ass nach kee vun den Aarbechtsgruppe convoquéiert ginn),
- **waren erféiert**, dass den **Naturpakt**, deen d'Aartevillfalt erhale wëllt fir eis Liewensqualitéit ze garantéieren, **mol net** an der Schäfferotsdeklaratioun **erwäänt** gouf.
- **kënnen et net guttheeschen**, dass eng **ganz Rëtsch Projeten am Budget gestrach** gi sinn, déi geduecht waren eis grouss a kleng Bierger mat op de Wee ze huele fir sech géint de Klimawandel a fir de Naturschutz anzesetzen. Z.B. den informativen ekologesche Kalenner, Projete vun eisem Natursyndikat Sicona: d'ekologesch Kanneraktivitéiten, Natur genéissen (Maisons Relais) grad ewéi d'Nature for people-Tréppeltier. Den Tour du Duerf (Stadtradeln) soll och net méi ënnerstëtzt ginn........
- sinn **enttäuscht**, dass de Repair-Café am EcoCenter (Bierger flécke futtis Saachen), zanter dass déi nei Koalitioun am Amt ass, net méi stattfonnt huet...

# *BEAUCOUP D'AGITATIONS AUTOUR DE LA COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES*

*Dans la **commission obligatoire d'intégration des étrangers**, il avait été oublié de nommer des citoyens non-luxembourgeois, bien que des candidatures aient été déposées. Il manquait également le membre obligatoire du collège échevinal... Espérons que comme annoncé, à partir de 2024 avec la nouvelle commission du vivre ensemble interculturel, ces irrégularités seront réglées.*

*Jusqu'à présent, il était d'usage que tous les partis politiques du conseil communal soient représentés dans chacune des commissions consultatives, souvent même plus que proportionnellement.*

*La nouvelle **majorité CSV-LSAP a rompu** avec des arguments fallacieux **avec ce processus participatif**.*

***Fait est que les verts n'ont pu nommer que 6 membres pour les 9 commissions consultatives existantes :***



Anja
**KIHN**
**Cohésion sociale**



Marc
**JACOBY**
**Jeunesse, 3e âge et Loisirs**



Véronique
**CALAMIDA-VERCAEMER**
**Intégration des étrangers**

*Finalement il a été retenu que dans les trois autres commissions, le conseiller respectif sera admis en tant qu'**observateur**. Pour la conseillère de déi gréng ce seront les **commissions des affaires culturelles, des bâtisses et des sports**.*

# *RÉFLEXIONS DE DÉI GRÉNG KÄERJENG AU SUJET DU BUDGET*

- ***se félicitent** de la poursuite de différents projets lancés par eux: les subventions écologiques pour citoyens, le concept des déchets, le pédibus, le jardin communautaire, ...*
- ***sont fiers** de constater que grâce à l'énorme travail réalisé au cours des dernières années dans le cadre des **pactes pour le climat et la nature**, la commune reçoit de l'État quelque **700'000€** pour 2023 et 2024 afin de poursuivre ces efforts (il semble que de nouvelles voies vont être empruntées par la nouvelle majorité, mais jusqu'à présent aucun groupe de travail n'a encore été convoqué);*
- ***sont inquiets** que le pacte pour la nature, qui vise à préserver la biodiversité indispensable pour la qualité de notre vie, n'a pas été mentionné dans la déclaration du collège échevinal;*
- ***ne peuvent pas accepter** que le budget d'un grand nombre de projets, destinés à sensibiliser petits et grands au changement climatique et à la protection de la nature, ait été supprimé, comme le calendrier écologique informatif, les projets de notre syndicat de la nature Sicona : activités écologiques pour enfants, "Natur genéissen" (Maisons Relais) et les randonnées "Nature for people". Il n'est plus prévu non plus de promouvoir le "Tour du Duerf" pour encourager la mobilité douce;*
- ***sont déçus** que le "Repair-Café" à l'EcoCenter (citoyens réparateurs) n'ait plus eu lieu depuis l'entrée en fonction de la nouvelle coalition...*